N°1949
Entrée le 17.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.02.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER

Chamberspresident

LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17 Februar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Rezent huet d'ULC doriwwer informéiert, dass den 1. Januar 2025 nei Richtlinne fir d'Entsuerge vu Kleeder an Textilien op europäeschem Niveau a Kraaft getruede sinn. Säitdeem missten de Gros vun den Textilie separat gesammelt ginn an dierften net méi iwwer déi normal Poubellen entsuergt ginn. Bis dass dës Reegel och zu Lëtzebuerg a Kraaft trëtt, sollen d'Leit weider op Offere wéi Kleedersammlungen, Second Hand Geschäfter oder Recyclingszenteren zeréckgräifen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Sinn zu dëser neier EU Direktiv Sensibiliséierungscampagnë geplangt, déi d'Leit iwwert d'Ännerungen informéieren ?
- Wéi wëll ee kontrolléieren, ob de néidegen Tri bei de Poubelle gemaach gëtt?
- Wéi gesinn d'Madamm Ministesch an den Här Minister déi flächendeckend Disponibilitéit vu Kleedersammlungs-Containeren?
- Vu, dass Kleedersammlungs-Containeren oft iwwerfällt sinn, gedenken d'Madamm Ministesch an den Här Minister mat de verschiddenen Acteuren zesummen ze schaffe fir d'Unzuel vun dëse Containeren ze erhéijen?
- Existéiert zu Lëtzebuerg eng adequat Infrastruktur fir déi zousätzlech Materialien ze verschaffen an/oder ze transportéieren?"

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Geimeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n°1949 vum 17. Februar 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Gusty Graas iwwert "Nouvelle directive sur la collecte des vieux vêtements"**

**Sinn zu dëser neier EU Direktiv Sensibiliséierungscampagnë geplangt, déi d'Leit iwwert d'Ännerungen informéieren ?**

Déi genannten europäesch Richtlinn gouf schonns mat der Ännerung vum Offallgesetz vun 2022 ëmgesat, méi genau mam Gesetz vum 9. Juni 2022 dat d'Offallgesetz vum 21. Mäerz 2012 ännert. D'Ëmsetzung ass iwwert eng Modifikatioun vun der Lëscht vun Offäll gemaach ginn, déi musse separat agesammelt ginn (Art.13(2)).

Am Kader vun der Reschtoffallanalyse gëtt reegelméisseg iwwert d'Zesummesetzung vun den Offäll informéiert an iwwert dee Wee gëtt och de Bierger sensibiliséiert fir d'Offäll korrekt ze entsuergen.

**Wéi wëll ee kontrolléieren, ob de néidegen Tri bei de Poubelle gemaach gëtt?**

All 3 Joer gëtt ofwiesselnd den Inhalt vum Reschtoffall an dee vum Sperrmüll analyséiert. An dësen Analyse gëtt och den Undeel u Kleeder/Textilien ermëttelt. Déi lescht Reschtoffallanalyse vun 2022 huet erginn, datt nach ongeféier 5,4 kg pro Awunner a Joer un Textilien am Reschtoffall dra sinn. Dësen Undeel huet iwwert déi lescht Jore gekuckt konstant ofgeholl. An enger neier Reschtoffallanalyse, déi dëst Joer duerchgefouert gëtt, gëtt, ënner anerem, kontrolléiert ob dësen Trend sech fortsetzt.

**Wéi gesinn d'Madamm Ministesch an den Här Minister déi flächendeckend Disponibilitéit vu Kleedersammlungs-Containeren?**

Déi aktuell Container Sammlung zu Lëtzebuerg gëtt zum gréissten Deel vun zwou Associatiounen iwwerholl. Iwwert d'Land gesinn, hunn si 555 Container stoen.

2023 goufen insgesamt 5181 Tonnen Textilien a Kleeder separat gesammelt.

Zu Lëtzebuerg sinn d'Gemenge verantwortlech fir d'Gestioun vum Haushaltsoffall, dozou gehéieren och Kleeder a Textilien. Et ass wichteg, datt méi Textilie getrennt agesammelt gi fir esou vill wéi méiglech ze recycléieren. Dofir gëtt Follgendes ugebueden:

- eng Haus-zu-Haus-Sammlung vu Kleeder;
- asammele vun Kleeder iwwert Container, op ënnerschiddleche Plazen;
- Asammlung an de Ressourcen-Center.

**Vu, dass Kleedersammlungs-Containeren oft iwwerfëllt sinn, gedenken d'Madamm Ministesch an den Här Minister mat de verschiddenen Acteuren zesummen ze schaffe fir d'Unzuel vun dëse Containeren ze erhéijen?**

Ewéi an der Fro virdrun erkläert sinn zu Lëtzebuerg d'Gemenge verantwortlech fir déi Offäll déi bei den Haushälter entstinn. An dem Sënn sinn si och fir d'Gestioun vun deenen heiten Offäll zoustänneg. An Zukunft wäert och mussen an den Ressourcen-Center eng méi cibléiert Collecte vun Textilien stattfannen.

**Existéiert zu Lëtzebuerg eng adequat Infrastruktur fir déi zousätzlech Materialien ze verschaffen an/oder ze transportéieren?**

Een Deel vun de Kleeder, deen zu Lëtzebuerg gesammelt gëtt, gëtt och hei weider benotzt. De Gros geet awer an d'Ausland fir do erëm benotzt oder verwäert ze ginn.

Lëtzebuerg, den 17. Mäerz 2025<br>(s.) Serge Wilmes<br>Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit